

## SONSTEGEN UNTRAG

**SA-181-1**

SONSTEGEN  
UNTRAG

TITEL: KANDIDATEN-  
DECLARATIOUN  
ANDY MAAR

AUTOR: 0/05/2018

ugeholl

afgeleent

zeréckgezunn

## KANDIDATENDECLARATIOUN

### BEGRËNNUNG

*Fir bei de Chamberwalen net Gefor ze laafen, datt e Kandidat net iwwert all seng Rechten a Pflichten opgekläert ass, sollt all Kandidat viru senger Bestätegung duerch de respektive Kongress déi nofolgend Ofsiichtserklärung ënnerschreiwten.*

*An der Declaratioun soll de Kandidat sech bereet erklären, op en onfaire Walkampf ze verzichten. Desweidere gëtt de Kandidat dozou opgefuerdert, seng Akënft souwéi seng Participatiounen u Betriiber oder Organisatiounen oppenzeleeen, sou wéi mir et fir all öffentleche Mandatstréier verlaangen.*

### UNTRAG

*Fir bei de Chamberwalen den 14. Oktober 2018 als Kandidat fir d'Piratepartei Lëtzebuerg untrieden ze kënnen, beschléissen d'Memberen um Landeskongress #LK181 an der Stad, datt jiddwer Interesséierten bis zum Dépôt vun den definitive Lëschten déi nofolgend Kandidatendeklaratioun ënnerschriwwen muss hunn, fir als Kandidat vun der Piratepartei Lëtzebuerg bei de Chamberwalen opgestallt kënnen ze ginn.*

*D'Memberen um Landeskongress #LK181 beoptragen de Präsidium fir eng Plattform op der offizieller Websäit vun der Piratpartei Lëtzebuerg en place ze setzen, op där d'Akënft an d'Participatiounen a Betriiber an Organisatiounen vun de Kandidaten a standadisierter Form opgelëscht ginn.*

*Fir dësen Zweck soll d'Präsidium e Formulair ausschaffen, deem d'Kandidaten, zwecks vereinfachter Erhiewung vun dësen Informatiounen, ausfëlle sollen.*

### ANNEXE

Dokumenter: Kandidatendeklaratioun

# KANDIDATEN- DECLARATIOUN

Ech \_\_\_\_\_ erklären mat Ënnerschrëft vun dëser Declaratioun meng Kandidatur fir d'*Piraterpartei Lëtzebuerg* bei de Chamberwalen de **14. Oktober 2018**.

Ech erklären ausserdeem als Kandidat mech un de gültige Grondsazprogramm, de jeweils aktuelle Walprogramm souwéi un d'Satzung vun der *Piraterpartei Lëtzebuerg* ze halen souwéi un etwaeg Walkampfacconden, déi d'*Piraterpartei* am Kader vun de Chamberwalen ënnerschreift a matdréit. Ech wëll d'Idealer vun der Piratebeweegung transportéieren an fir eng Politik vun der Integritéit a Transparenz astoen.

Doriwwer eraus verpflichten ech mech fir e faire Walkampf ze féieren an an dësem Kontext:

- *jiddwer Veronglimpfung, Beleidigung oder Diffaméierung vun anere Persounen ze ënnerloossen, dëst op sozialen Netzwierker, a Printmedien souwéi och am Real Life,*
- *Behauptungen iwwert aner Parteien oder Persounen ze ënnerloossen, déi wëssentlech oder noprëifbar net der Wouerecht entsprechen an/oder dozou dénge sollen, de Géigepart ze diskreditéieren,*
- *d'Aktiounen vun anere Parteien oder Kandidaten mutwëlleg net ze stéieren,*
- *keng Fakenews ze verbreedden resp. Säiten oder Medien ze ënnerstëtzen, déi dëst maachen,*
- *keng Social Bots oder aner Moyenen ("Likes" kaafen etc.) anzesetzen, déi d'Ëffentlechkeet täusche sollen,*
- *op jiddwer Art vum "Dirty Campaigning" ze verzichten.*

Als Kandidat vun enger Partei, déi sech fir eng transparent Politik a géint Lobbyismus asetzt, erklären ech mech bereet, eng Oplëschtung vu mengen eventuellen Niewenakëft a Participatiounen a Betriiber oder Organisatiounen bis spëtstens zum Dépôt vun den definitiven Lëschten op enger dofir determinéierter Plattform vun der *Piraterpartei* oppen zeleeën.

Ech si ferner domadden averstanen, als op enger Piratelëscht Gewielten der Piratenfraktioun, sou wéi se an der Satzung beschriwwen ass, bäizetrieden a mech un déi jeweils gültig Geschäftsuerdnungen ze halen.

Ech si mir bewusst, datt e Verstouss géint dës Ofsiichtserklärung nom Artikel §6(1) vun der Satzung vun der *Piraterpartei Lëtzebuerg* Konsequenzen no sech zéihe kann.

\_\_\_\_\_, den \_\_\_\_ . \_\_\_\_\_ . 2018